N°2747
Entrée le 04.09.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Premierminister a vum Inneminister op d'parlamentaresch Fro n°2747 vum 6. August 2025 vum honorabelen Députéierten Sven Clement zum Sujet "Usage éventuel de services Palantir par l'État luxembourgeois"**

1. **Ginn et tëscht der Lëtzebuerger Regierung oder hir Ministèren aktuell Kontrakter mat der Firma Palantir Technologies fir Datenanalys, Iwwerwaachung oder aner Servicer? Falls jo, zu wéi enge Ministèren oder Verwaltungsunitéiten existéieren dës Kontrakter, a wat sinn hir Haaptobjektiver?**

2. **Wéi eng Daten oder Informatioune ginn u Palantir iwwerdroe, a wou ginn dës Datë stockéiert a verschafft?**

3. **Wéi eng Kontrollmechanisme sinn en place fir ze garantéieren, datt d'Benotzung vun dëse Servicer mat de lëtzebuergeschen Dateschutzgesetzer konform ass?**

4. **Gouf eng Impaktanalyse gemaach wat d'Ofhängegkeet vun auslänneschen Datenanalysefirmaen ugeet?**

5. **Wéi vill kaschten dës Servicer de lëtzebuergesche Staat, a wéi ginn dës Ausgaben am Budget opgefouert?**

6. **Ginn et Alternativpläng fir dës Servicer duerch europäesch oder national Léisungen ze ersetzen oder ganz ofzeschafen?**

D'Lëtzebuerger Regierung huet aktuell keng Kontrakter mat der Firma Palantir Technologies.

Lëtzebuerg, de 4. September 2025.

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN